ESCH

# Atelier Sérigraphie um Event Sk8ing Girls

Descriptioun vum Event Sk8ing Girls :

*Den 30. September 2023 ass et erëm esou wäit! De Sk8ing Girls ass zeréck a bitt ewéi gewinnt nees vill sportlech a kënschtleresch Aktivitéiten: Skateboarding, Longboarding, Gender Game, Yoga, Upcycling, Sérigraphie, Kleedertausch, asw. asw.*

*Wann Dir also e flotten Nomëtteg mat Musek, Demonstratiounen a gudder Laun verbrénge wëllt, da kommt laanscht a maacht mat: Den 30.09 vun 12.00 bis 18.00 Auer am Schëfflenger Skatepark (Biergemer Wee).*




*D'Aktivitéite sinn op fir jiddereen, Meedercher a Jongen, jonk oder jonk-bliwwen, vun Ufänger bis Profi. Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt.*

*« Sk8ing Girls » gëtt am Kader vum Internationale Meederchersdag (11. Oktober) organiséiert an et geet an éischter Linn drëms fir de Skateboard, e Sport dee vun de Männer a Jongen dominéiert gëtt, och bei de Meedercher méi bekannt ze maachen.*

*Organisation : Ville d'Esch-sur-Alzette et Commune de Schifflange*
*With the support of : Schëfflenger Jugendhaus, Escher Jugendhaus, Kayler Jugendhaus, Déifferdenger Jugendhaus, Rëmlenger Jugendhaus, Foyer Caritas Neudorf*

**Ville d'Esch-sur-Alzette**
Hôtel de Ville B.P. 145
L-4002 Esch-sur-Alzette

**Anna URWALD**
Service Ecologique

Deskriptioun vun der Fairtrade Aktioun :

De Service Jeunesse vun Esch huet en Atelier um Event gemaach, wou déi Jugendlech mat Sérigraphie e Fairtrade Rucksak personaliséiere konnten.




Fotoen vum Samantha Wilvert



Fotoen vum Samantha Wilvert

Personne responsable de l’action :

Cindy RODRIGUES
Service Jeunesse